Monnerech-Biergem-Féiz-Steebrécken

# Koalitiounsaccord tëschent CSV an DP

Monnerech, den 21. Juni 2023

Hisiichtlech der Bildung vun enger Koalitioun fir d'Amtsperiod 2023 – 2029, hunn d'CSV an d'DP sech fir Sondéierungs- a Koalitiounsgespréicher getraff, déi an enger konstruktiver Atmosphär verlaf sinn. Dobäi gouf festgestallt, dass d'Walprogrammer vun den zwou Parteien an deene groussen Linnen a wichtege Punkten iwwereneenstëmmen.

Béid Parteien hu sech op en effizienten a modernen Aarbechtsprogramm gëeenegt, souwéi op en ambitiéisen a nohaltegen Investitiounsprogramm am Kader vun den zur Dispositioun stoende finanzielle Mëttelen.

## KOALITIOUNSPROGRAMM

### Ofschloss vun den ugefaangene Projeten

- Maison Relais zu Monnerech
- Monnerecherstrooss zu Steebrécken
- Bassin d'orage zu Monnerech
- Parking Jules Bleser zu Monnerech

### Demokratie an der Gemeng

- Transparenz, Informatioun a Kommunikatioun bleiwen, wéi an der Vergangenheet, eng Prioritéit.
- D'CSV-DP-Koalitioun assuréiert weiderhin optimal Viraussetzungen (Internetplattform) fir dass d'Informatiounen alle Memberen am Gemengerot zougänglech sinn, fir hinnen z'erméiglechen hiren Aufgaben am Gemengerot gewëssenhaft nozekommen.

### Informatioun a Matsprooch vum Bierger

- D'Biergerbedeelegung an Informatiounsversammlungen a wichtegen Dossieren gi systematesch weidergefouert.

### Administrativ Vereinfachung

- En interaktiven Internetservice gëtt realiséiert.
- Administrativ Démarche vun de Bierger gi vereinfacht a sollen „online" kënne gemaach ginn.

**Digitalisatioun**

- D'Homepage vun der Gemeng gëtt iwwerschafft, méi iwwersiichtlech, funktionell a méisproocheg gestalt.
- Eis Lokalitéiten kréien op den zentrale Plazen digital Panneauen, fir d'Informatiounen an d'Manifestatiounen online kënne matzedeelen.

**Schoul a Bildung**

- Den opgestallten „Masterplang iwwer déi zukünfteg Schoullandschaft", deen der demographescher Entwécklung an eiser Gemeng Rechnung dréit, ass d'„Guideline" vun den zukünftegen Investitiounen am schoulesche Beräich.
- Am Duerfkär zu Biergem entsteet e neie Schoulcampus fir „petite enfance", dat heescht fir d'Kanner vum Precoce a vum Prescolaire, mat integréiertem Turnsall a Maison Relais.
- Déi bestehend Sportshal zu Steebrécken gëtt duerch eng nei Sportshal ersat, déi de schouleschen an ausserschoulesche Sport vun eise Kanner garantéiert.
- De Complexe scolaire zu Monnerech gëtt ofgeschloss mat der Erneierung vum Südschoulhaff. Och de Schoulhaff zu Steebrécken gëtt erneiert.
- Zu Monnerech ginn, an enker Zesummenaarbecht mat de staatleche Administratiounen, Viraussetzunge geschaf, fir „um Weier" eng nei Quartiersschoul ze bauen. An der Tëschenzäit gëtt déi fréier Schoul am Zentrum vu Monnerech als temporär Léisung fir zousätzlechen noutwendegen Schoulraum benotzt.
- De Fonktionnement vum Schoultransport gëtt reegelméisseg iwwerpréift fir d'Qualitéit vun dësem Service weider ze garantéieren.

**Kannerbetreiung a Maison Relais**

- De Fonktionnement vun der Maison Relais gëtt mëttels engem Audit analyséiert.
- Mat der Fäerdegstellung vun der Maison Relais schléisst sech de Kreess vum Schoulcampus zu Monnerech bei der Gemeng. Dëse Site, dee fir 400 Kanner ausgeluecht ass, kombinéiert optimal, sécher a fonktionell Ofleef fir Schoul-, Sport- a Kannerbetreiungsaktivitéiten a gëllt domat als ofgeschloss.
- Zu Steebrécken gëtt d'Kapazitéit vun der Maison Relais deenen zukünftege Besoinen ugepasst.

**Jugend**

- D'Aktivitéite vum Jugendhaus zu Monnerech (JUMO) sinn e feste Bestanddeel an eiser Gemeng a gi weider geférdert.
- Zu Biergem gëtt versicht am geplangten neien Duerfkär och e Jugendtreff fir déi Jonk vu Biergem a vu Steebrécken ze realiséieren.
- De Service vum „Late Night Bus" gëtt an eiser Gemeng hannerfrot a gegebenefalls optimiséiert.

**Senioren**

- Et ass noutwendeg, dass d'Senioren weider gesellschaftlech agebonne bleiwen. An deem Sënn stellt de Club „A Bosselesch" mat senger Panoplie vun Aktivitéiten e wichtege Pilier fir eis Senioren duer. Och d'Aktivitéite vun eise Veräiner am Déngscht vum drëtten Alter, wou eis Senioren en aktive Bäitrag leeschten, ginn an Zukunft weider ënnerstëtzt.
- Dat autonoomt an altersgerecht Wunnen an „A Bosselesch" mat senge 26 Appartementer ass eng aner Méiglechkeet fir datt eis eeler Leit an hirer Gemeng an engem vertrauten Ëmfeld wunnen a liewe kënnen. Fir d'Sécherheetsgefill vun de Bewunner nach ze verbesseren soll fir daagsiwwer vu 07h00 bis 19h00, d'"**Soins à domicile**" mat enger integréierter Infirmerie garantéiert ginn.
- Mär setze weiderhin op Proximitéitsservicer wéi de MoBus, a wäerten déi jeeweileg Besoinen iwwerpréiwen.
- Den Telealarm an d'Ënnerstëtzung vun den eelere Leit bei den Haushaltsaarbechten duerch d'Servicer vum CIGL bleiwen och an der Zukunft garantéiert.
- Mär setzen eis a fir de Bau vun engem „Alters- a Fleegeheem" fir eis eeler Matbierger, dëst an Zesummenaarbecht mat engem ëffentlechen Träger.
- D'Extensioun vun der Struktur „A Bosselesch", mat 24 geplangten zousätzleche Wunnengen ass fir eis e wichtege Projet. D'Ëmsetze vun dësem Projet ass awer direkt ofhängeg vun de staatleche Subsidien a gëtt a Fonktioun vun der budgetärer Situatioun lancéiert.

**Benevolat a Veräinsliewen**

- Ouni den Asaz vun de benevole Membere fënnt kee liewegt Veräinsliewe statt. An ouni Veräinsliewe gëtt et kee gesellschaftlecht Zesummeliewen an der Gemeng an domatt bleift déi sozial Kohäsioun op der Streck. Dofir ënnerstëtze a fërdere mär all Initiativ fir d'Benevolat an de Veräiner ze stäerken.
- D'Jugendaarbecht an de Veräiner gëtt valoriséiert.
- Fir de neie Kritäre vun der Nohaltegkeet gerecht ze ginn, wäert d'Gemeng dat néidegt Event-Equipement (Spullweenchen, etc.) uschafen an de Veräiner zur Verfügung stellen.

**Kultur**

- D'Kultur bréngt d'Leit beieneen a fërdert domat dat soziaalt Mateneen an eiser Gemeng.
- Mär wäerten e villfältege Kulturprogramm opstellen, deen op eis Gemeng zougeschnidden ass an dësen Uspréch gerecht gëtt.
- D'Kulturkommissioun ass e wichtege Partner beim Iwwerpréiwen vum Kulturprogramm a bei der Organisatioun vu punktuelle Manifestatiounen wéi z.B. de Konscht- an Hobbymaart oder de Frëndschaftsconcert.
- Eis kulturell Veräiner, ob Musék, Gesang oder Theater stellen e wichtege Pilier am kulturelle Liewen duer a ginn och deementspriechend weider ënnerstëtzt.

## Sport a Fräizäit

- D'Sportshal zu Monnerech gëtt ausgebaut, moderniséiert a vum energetesche Standpunkt sanéiert.
- D'Sportinfrastrukture vum F.C. Monnerech ginn no a no komplett a Stand gesat.
- Un der Delokalisatioun vum Bouschéissclub Robin Hood gëtt weidergeschafft.
- Weiderhin ginn altersgerecht, thematesch villfälteg a sécher Kannerspillplazen an de Wunnquartieren an op zentrale Plaze virgesinn. Do wou et méiglech ass, ginn och Pétanque-Pisten ugeluecht.
- D'Fleeg, den Ausbau an d'Vernetzung vun eisen Träppel- a Feldweeër gëtt weidergefouert.
- De Site vun der Pumptrackpiste a vum Miniterrain an der Escherstrooss zu Monnerech gëtt mat Biergerbedeelegung hannerfrot.
- Den Espace Biodiversité Ady Musquar zu Steebrécken gëtt mat Sëtzbänken ausgerüst an een Naturwee ëm de Weier gëtt ugeluecht.
- D'Fräizäitgebitter Mettendall an op Aisings gi mat zousätzleche Roubänken a Fitnessariichtungen valoriséiert.

## Logement an Soziales

- Am Kader vun de finanzielle Méiglechkeete vun der Gemeng gëtt eise Wunnengspark vun de Sozialwunnenge vergréissert.
- Mat der SNHBM entwéckelt d'Monnerecher Gemeng de Site bei de fréieren Armaturen (PAP „op Treisch") zu Monnerech fir do soziale Wunnengsbau ze developpéieren. Eiser sozialer Responsabilitéit entspriechend, ass hei och ugeduecht eng Wunnstruktur fir behënnert Leit zesumme mat der APEMH ze realiséieren.

## Verkéierssécherheet a Verkéiersberouegung

- D'Verkéiersberouegung a sämtlechen Agäng vun den Uertschaften, an d'Entschärfung vun akute Geforepunkte sollen d'Verkéierssécherheet an eiser Gemeng verbesseren. Dofir solle baulech Moossnamen geholl ginn fir d'Vitesse an den Agäng vun den Uertschaften an op strategesch wichtegen Plazen ze reduzéiren.
- Mär setzen eis an fir datt de Réckbau vun der N13 tëschent Biergem a Steebrécken an Zesummenaarbecht mat de Ponts & Chaussées realiséiert gëtt, deen och zur nohalteger Verbesserung vun der aktueller Situatioun bäidroe soll.
- Zu Monnerech envisagéiere mär d'Kräizunge vun rue de Limpach, rue Neuve a rue des Bois esou wéi vun der rue de Reckange - rue Neuve an der Entrée beim Park Molter an enker Ofstëmmung mat de Ponts & Chaussées ze entschärfen.
- Rout Luuchten ginn op geféierleche Kräizunge installéiert (bei „A Bosselesch" oder/a bei der Schoul um Weier zu Monnerech).
- An enger éischter Phase gëtt an der Escherstrooss am Zentrum vu Monnerech eng 30er Zone, als Virstuf vun enger Zone de rencontre (20km/h) realiséiert.
- Am Kader vum neien Duerfkär zu Biergem gëtt eng Zone de rencontre (20 km/h) geschaaft.

- Fir de Foussgänger ze protegéieren, ginn d'Foussgängersträifen no engem festgeluechte Programm de Normen entspriechend moderniséiert.
- Fir dem Parktourismus entgéintzewierken, gëtt de Parking residentiell gemengen-iwwergräifend ënner Abezéien vun der Awunnerschaft agefouert.

**Mobilitéit an ëffentlechen Transport**

- Mat der Direktioun vum RGTR gëtt déi bestehend Offer hannerfrot.
- No dem Ofschloss vun deem neien Autobunnverdeeler zu Steebrécken, ënnersiche mär d'Streckeféierung vun der Linn 612 ëmzeänneren a Féiz iwwer d'Théodore de Wacquant Strooss (mat Poller) unzefueren.
- Desweidere ginn och d'Vir- a Nodeeler vun engem eventuellen Uschloss un den TICE gepréiwt.
- D'Busarrête ginn no a no moderniséiert. Op den Haaptarrêten ass virgesinn, dass an Zesummenaarbecht mat der Mobilitéitszentral, d'Busfuerpläng digital an „en temps réel" duergestallt ginn.
- Am Kader vun der „Mobilité Douce" gëtt, an Zesummenaarbecht mam Staat a mat de private Proprietairen, eist Vëlosnetz tëschent den Uertschaften weider ausgebaut, fir eng Interconnexioun tëscht deene 4 Uertschaften unzestriewen, an un dat nationaalt Netz unzeschléissen.

**Urbanismus**

- De PAG (Bebauungsplang) gëtt reegelméisseg op seng Effikassitéit hannerfrot a punktuell ugepasst.
- Zu dem Projet „LIT" (Luxembourg in Transition) betreffend d'Reconversioun vun der Zone Artisanale a Commerciale an eng Wunn-, Schaff- an Akafszone zu Féiz ass d'Koalitioun op fir eng global Étude, déi alle Consideratioune Rechnung dréit, ze lancéieren. Mär fuerderen awer, dass d'Gemeng an esou engem Groupe de Travail e gläichberechtegte Partner a vun Ufank un an all Dossier agebonnen gëtt.
- Bei ëffentlechen Infrastrukturen mussen an Zukunft d'Méiglechkeeten fir d'Zirkulatioun vu Veloën a Motorrieder ënnersicht a mat ageplangt ginn.

**Ëmwelt a Klima**

- Mär huele Moossnamen fir och an eiser Gemeng Klimaneutralitéit bis 2050 unzestriewen.
- All Projet vun der Gemeng gëtt op seng Nohaltegkeet gepréift woubäi, d'Economie circulaire eng wesentlech Roll spillt.
- Um Niveau vum Klima- a Naturpakt setze mär eis an fir déi nächst Stufe vum Klima- an Naturpakt z'erreechen an och esou ze dokumentéieren, dass déi geleeschten Efforten an dëse Beräicher gräifen (Biodiversitéit, Ëmweltschutz, etc.).
- De Reseau vun de Luedstatioune fir Elektroautoen gëtt an eiser Gemeng weider ausgebaut.
- Den elektesche Verbrauch an der Gemeng gëtt duerch de konsequenten Asaz vun LED-Luuchten reduzéiert a gläichzäiteg gëtt och der Liichtverschmotzung Rechnung gedroen.

**Energie**

- Den Uschloss vun den zentrale Gebaier vun der Gemeng (Mairie, Schoul, Sportshal, Maison relais, Schwemm, etc.) iwwert e Fernwärmenetz un de Syndikat „MinettKompost" gëtt analyséiert a wann et Sënn mëcht realiséiert.

**Offallvermeidung a Recycling**

- All Initiativ géint Verschwendung vun de Ressource gëtt ënnerstëtzt. Mär denken hei un e Repair-Atelier an d'Kollekt vun digitalen Apparaten fir an 3. Welt ze ginn.
- D'Offallreglement gëtt iwwerschafft ouni dass d'Grondprinzipien heivun a Fro gestallt ginn. Sensibilisatiounskampagne fir d'Bierger gi regelméisseg widerholl.

**Waasserwirtschaft, eis Baachen an Iwwerschwemmungsschutz**

- Eist Drénkwaasser huet eng exzellent Qualitéit an dat soll esou bleiwen. De Waasserreseau gëtt dofir beschtens a Stand gehalen. Esou ass virgesinn d'Haaptleitung vum Waasserbaséng zu Monnerech bis an den Zentrum z'erneieren.
- Verschidden ëffentlech Plaze gi mat Waasserspender equipéiert.
- Am Iwwerschwemmungsschutz spillt d'Effikassitéit vun eisem Kanalnetz eng wichteg Roll. Dofir gëtt dést systematesch kontrolléiert an do wou et néideg ass verbessert. An Zukunft setzt d'Gemeng op en duebelt Kanalnetz, eent fir d'Schmotzwaasser an eent fir d'Reewaasser oder Iwwerflächewaasser, fir esou och d'Kläranlagen z'entlaaschten.
- D'Realisatioun vum BY-PASS Kanal tëschent der Escherstrooss zu Monnerech a Schëffleng gëtt prioritär realiséiert.
- An Zesummenaarbecht mat de Bauere gëtt d'Renaturéierung vun der Kiemelbaach tëschent Féiz a Monnerech ugefaangen. Esou gëtt engersäits d'Aartenvillfalt an d'Biodiversitéit stimuléiert an anerersäits vergréissert sech den Retentiounsvolumen vum Iwwerflächewaasser ëm 5'000 $m^3$, wat domat wesentlech zum Iwwerschwemmungs-schutz zu Féiz bäidréit.
- Desweidere gëtt och eng Etude lancéiert fir d'Kazebaach an d'Breckenterbaach ze renaturéieren, déi direkt an d'Kiemelbaach fléissen.

**Lärmschutz**

- Lëtzebuerg huet d'EU-Direktiv géint de Kaméidi an d'Loftverschmotzung transposéiert. Dofir intervenéiere mär fir dass de Staat de Lärmschutz am Beräich vun der Autobunn A4 tëschent Féiz a Steebrécken a Richtung Lëtzebuerg endlech realiséiert.

**Crassier Monnerech**

- D'Ëmsetzung vum ganze Sanéirungskonzept vum Crassier op der Monnerecher Kopp ass a bleift eng absolut Prioritéit.
- No der Fäerdegstellung vum Plateau, um Deel vun der Bauschuttdeponie, gëtt hei e Solarpark vun der approximativer Gréisst vun 6,5 ha installéiert.

**Sécherheet**

- D'nationaalt Gesetz vum 27. Juli 2022 huet eng Erweiderung vun de Kompetenze vum Agent Municipal virgesinn. D'Präsenz vum Agent Municipal gëtt ausgebaut fir d'Sécherheet an d'Sécherheetsgefill vun eise Bierger ze verbesseren.

**Stroosseninfrastrukturen**

D'Erneierung vu folgende Stroossen gëtt an Ugrëff geholl:
- Rue des Fleurs zu Monnerech
- Grand-Rue (N13) zu Biergem a Steebrécken (a Funktioun vun de Ponts et Chaussées)
- Route d'Europe (ënneschten Deel) zu Steebrécken
- Rue de Noertzange zu Biergem (ënneschten Deel)
- Rue des Champs zu Biergem

**Realisatioun vun engem neien Duerfkär zu Biergem**

Dëse Projet, deen am partizipative Prozess mat der Bierger/innen ausgeschafft gouf, gëtt lancéiert, esou wéi et am votéierte Masterplang vum Gemengerot virgesinn ass, mat:
- der Restauratioun vum Haff Witry mat klengem Commerce (Epicerie, Bistrot), engem Jugendtreff, Repair-Atelier,
- dem Bau vun enger Schoul fir „petite enfance", mat Maison Relais an Turnsall,
- dem Bau vun enger Crèche,
- der Integratioun vun der Kappell an de Projet,
- enger Zone de Rencontre tëschent dem Nëssert an dem Haff Witry.

**Duerfkär zu Monnerech**

Den Duerfkär vu Monnerech ronderëm d'Duerfplaz an hir Alentouren gëtt nei iwwerduecht a méi attraktiv gestallt (z.B. Gänkelchen an Alentouren, Bëschgässel).

**Schoulesch an ausserschoulesch Infrastrukturen**

*Zu Steebrécken*:

- D'Erneierung vun der Schoulsportshal gëtt ugepaakt.
- Néideg Upassungen un der Schoul an un der Maison Relais gi realiséiert.

*Zu Monnerech*:

- D'Refektioun an d'Modernisatioun vun der Sportshal ginn an Ugrëff geholl.
- Néideg Upassungen un der Spillschoul ginn analyséiert a gegebenenfalls ëmgesat.

**Nei Raimlechkeeten fir de CIGL**

- De Besoin an d'Ëmsetzungsméiglechkeet vu neie Raimlechkeeten fir de CIGL ginn ënnersicht.

**Déierekierfecht**

- D'Realisatioun vun engem Déierekierfecht gëtt ënnersicht.

**Tourismus**

- Den Duerfbistrot spillt eng wichteg Roll am Gesellschaftsliewe vun enger Uertschaft. Dofir wäerte mär eis asetzen, datt am Kader vum neien Duerfkär zu Biergem, d'Gemeng d'Initiativ iwwerhëllt fir e Bistrot anzeriichten.
- Eist Feldweeërnetz eegent sech ideal fir erhuelsam Spazéier- a Vëlostouren an der Natur. Mär wäerten an Zukunft an d'Verbesserung an den Ausbau vun eise Spazéier- a Vëlosweeër investéieren fir d'Attraktivitéit vun eiser Gemeng och fir friem Touristen ze promouvéieren.
- D'Spazéierweeër duerch de Mettendall zu Biergem a Steebrécken, grad esou wéi iwwer „Aisings" zu Monnerech gi weider revaloriséiert a sollen an en Tourismusprogramm agebonnen ginn.
- De nei amenagéierte Park Molter fir Jonk an Al soll sech weider zu engem flotten Treffpunkt an eiser Gesellschaft entwéckelen. Dat bestehend Kioskugebuet (Gimbiss) gëtt weider optimiséiert.
- Eng Beschëlderung soll op de néidege Plazen an eiser Gemeng installéiert ginn.

**Nohalteg Gemengefinanzen**

- D'Koalitioun steet fir e responsablen Ëmgang mat ëffentleche Gelder. An deem Sënn ginn d'Dépensen systematesch op de Leescht geholl. Déi rekurrent Ausgabe vun der Gemeng ginn iwwer den ordinäre Budget ofgedeckt. D'Administratioun gëtt um Niveau vum Personal esou opgestallt fir de Besoine vun eiser Gemeng gerecht ze ginn, ouni dobäi de Kader vun dem ordinäre Budget ze sprengen. Emprunte gi nëmme fir nohalteg Investissementer opgeholl.

- Déngschtleeschtunge ginn zum Gesteeungspräis un de Bierger weiderverrechent. Dofir ginn d'Gemengentaxen alleguer iwwerpréift a wa noutwendeg ugepasst.

**DE SCHÄFFEROT**

Béid Parteien hu sech op folgend Schäffenrotsopdeelung gëeenegt:

**Postenopdeelung**

| | | |
|---|---|---|
| Buergermeeschter | : | CSV – Jeannot Fürpass |
| Schäffen A | : | DP – Marc Schramer |
| Schäffen B | : | CSV – Marianne Baustert-Berens |

Nodeems de virleiende Koalitiounsprogramm duerch déi jeeweileg Gremien vun den CSV an den DP Sektiounen vun der Gemeng Monnerech autoriséiert gi sinn, verflichten sech heimat déi ënnerzeechnend Persounen, alleguer Memberen vum Gemengerot Monnerech, dëse Vertrag no beschtem Wëssen a Gewëssen am Interessi an zum Wuel vun der Gemeng Monnerech a senge Biergerinnen a Bierger ëmzesetzen.

Ënnerschriwwen e Mëttwoch, den 21. Juni 2023 an 2 Exemplairen

Monnerech-Biergem-Féiz-Steebrécken

Jeannot Fürpass Marianne Baustert-Berens Anouk Boever-Thill Marc Schramer

Claude Clemes Michel Martins De Sousa Marianne Weisgerber Serge Gaspar

**Annexe 1**

# DE SCHÄFFEROT

<u>**Opdeelung vun de Ressorten**</u>

**Buergermeeschter:**

- Presidence vum Schäffen- a Gemengerot
- Coordination générale
- Finanzen a Budget
- Schoul- a Kannerbetreiungswiesen
- Urbanismus, Bauten a Landesplanung
- Ëffentlech Bauten (Réseaux, Voirie a Patrimoine bâti)
- Mobilitéit a Verkéierssécherheet
- Crassier

**Schäffen A:**

- Ersetzen vum Buergermeeschter
- Relations publiques an Associatiounen
- Jugend
- Kultur, Sport a Fräizäit
- Environnement

**Schäffen B:**

- Verwaltung a Personal
- Sozialpolitik (Logement, Integratioun, Inclusioun)
- 3ten Alter
- Chancegläichheet